Latilly



Och dëst Joër hat den Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg sech op den Weë gemeet fir ee puer schéiner Deg zu Latilly um Domäine de la Salamandre ze verbréngen. Leider hun ee puer Kollegen aus deenen verschiddensten Grënn missten dës Sortie ofsoën mée déi Memberen déi sech net dovunner ofschrécken geloos hun fir awer d´Rees op Latilly op sech ze huelen sollten Dëst och net bereiën ewell Latilly ass nach ëmmer een eenzegartegen Site, deen mat kénger annerer Destinatioun ze vergläichen ass déi mir am Joër unsteieren.

Leider wor ech dës Kéier och Een vun Deenen déi net konnten matfueren op Latilly wat mir natirlech och zimlech déck gedoën huet wat awer net verhënnert huet dass mir trotzdeem een kléngen Bericht zesummen kritt hun ewell den Äender, Deen mir schon ëmmer mat séngen villen schéinen Fotoën ënnert d´Äerm gräift, dës Kéier och een kléngen Text verfaast huet deen eis soll ee bëssen d´Stëmmung erëm gin déi während dëser Sortie bestaanen huet, an wann een dat esou liest dann bedauert een ëmsou méi dass Een net dobài wor, mée dat huelen mir dann am nächsten Joër erëm no. Hei elo dem Änder säin Bericht.

Eise Präsident den Robert an mech selwer huet et terrible gekribëlt an dofir sin mir schon en Dag eischter gefur ewéi firgesin. Mir haten Flot Wieder awer et wor zimmlech lëfteg. Ewéi Mir do ukomm sin an nom Check-in hun Mir och net lang gefackelt an woren schnell beim Waasser ewou et och direct zum raiberen kom ass. Et sin vill Fësch gefange gin . Den en mol méi den aner mol manner. Freides sin dun déi aner vun der Equipe ukomm ewou dan de Raym direct eng duebel verstärkung mat bruecht huet mam Margot an mam Maisy, an och den Andy mat sengen zwou Fëscherinnen Cindy an Lina Schlussendlech sin d'Fësch dan och méi virsischteg gin an et wor zum schluss och net einfach en puer ze iwerlëschten. Natirlech Owes beim Apero an iwer Dësch hun den Jeek, Erni an Carlo hir Spiichten missen zum bëschte gin an dat üblecht gesteppëls as och net ausbliwen. Alless an allem en flotten Ausflug mat enger flotter Ambianz. Tight lines an bis geschwën, den Änder.